



Äntwert vum Här Minister fir sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°8074 vum 6.Juni 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwer d'Remboursement vun de Brëller

1. An der Konventioun heescht et ënnert dem Artikel 8 :

"La mise à jour des prix des listes peut se faire une fois par année. Les adaptations sont soumises à l'Union des caisses de maladie avant le 15 octobre de l'année en cause et, en cas d'approbation, prennent effet le 1er janvier de l'année subséquente."

Gouf eng Adaptatioun fir 2022 oder 2023 gemaach?

- Wa jo, firwat huet dës d'Konventioun vun 2021 nach net um Site vun der CNS ofgeléist?
- Wa nee, firwat ass keng Upassung gemaach ginn? Ass de Secteur net vun der allgemenger Inflatioushause betraff?

Fir d'Joren 2022 an 2023 gouf keng Adaptatioun vun den Tariffer gemaach. D'Dispositiounen an der Konventioun tëschent der Gesondheetskeess (CNS) an der *Fédération des patrons opticiens et optométristes du Grand-Duché de Luxembourg* gesäit vir dat d'Federatioun der CNS all Joer kann eng nei Präislëscht eraginn.

Op Basis vun dëser Lëscht decidéiert dann de Verwaltungsrot vun der CNS op dës ugehall gëtt oder net fir eng *Prise en charge*. Dës ass allerdéngs keng *Négociation* ewéi dës üblecherweis praktizéiert gëtt tëschen der CNS an den Prestatairen.

Fir d'Joeren 2022 an 2023 huet de Verwaltungsrot decidéiert där *Demande* net nozekommen. Allerdéngs huet de Verwaltungsrot och decidéiert eng méi strukturell a aktuell *Approche en place* ze setzen, fir kënnen méi cibléiert virzegoen wat d'Präiser ubelängt. Dës Aarbechten sinn um Lafenden.

2. Wéi hunn sech d'Montanten, déi d'CNS rembourséiert, an deene leschte 5 Joer entwéckelt? Ëm wéi vill Prozent sinn dës all Joers respektiv mat all Upassung vun der Konventioun gehéicht ginn?

Bei der leschter Aktualiséierung vun den Tariffer fir visuell Hëllefsmëttel op den 1. Januar 2021, gouf de Budget fir dës *Servicer* ëm 14% erhéicht, wat ongeféier 2 Milliounen Euro am absolute Wäert duerstellt.

3. Wéi vill Prozent vum Präis vun engem Glas sinn duerch de Remboursement vun der CNS gedeckt? Wéi huet sech dës Montant an deene leschte 5 Joer entwéckelt?

D'Tabell hei drënner weist de Betrag, dee vun der Krankeversécherung iwwerholl gëtt, déi duerchschnëttlech *Participatioun* pro Glas an den duerchschnëttleche Prozentsaz vum Remboursement pro Glas fir d'Joren 2018 bis 2022.



Joer	Ausgaben an EURO	Duerchschnëttlech Participatioun/Glas an EURO	Duerchschnëttleche Prozentsaz vum Remboursement
2018	10.002.428,00	141,65	28,63%
2019	10.250.875,49	148,44	27,65%
2020	9.683.907,46	160,55	26,51%
2021	12.598.467,00	157,25	30,64%
2022	12.260.749,75	163,59	30,00%

Et sief ze präziséieren datt kee Maximalpräis festgeluecht gëtt, sou datt déi verschidden Déngschtleeschter net e definéierte plafonnéierte Präis musse respektéieren.

Lëtzebuerg, den 11. Juli 2023

De Minister fir sozial Sécherheet

(s.) Claude Haagen